



Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Mir stëmmen haut am Fong e Projet de loi, dee parallel ass zu dem Projet de loi iwwert d'kommerziell Gesellschaften, déi jo och méi laang Zäit kréien, fir hir Konten ze deposéieren. An ech ginn domadder den Accord vun der CSV.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Gloden.

An dann ass et elo un der honorabler Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Simone Beissel** (DP).- Merci, Här President. Ech profitéiere vun dem kuerze Wee, fir hei op déi flott Tribün ze kommen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt wëll ech dem Mars Di Bartolomeo häerzlech Merci soe fir säi gudder schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech wëll em extra Merci soen, och der Madamm Closener, well si hu wierklech d'Rad geschloen, fir an enger extreem schneller Vitess dësen technesche Rapport hinzekréien, am Interessi vun de Lëtzebuerger politesche Parteien.

Dir wësst alleguerten, dass d'Parteifinanzéierungsgesetz vun 2007 zwar „a fait de l'ordre dans la boutique“, dat heescht, équilibréiert an transparent d'Finanzéierung vun de Parteien erlaabt huet an agefouert huet, mee parallel dozou och streng a formalistesche Konditiounen, déi d'Partei mussen erfëllen, fir eeben an de Genoss vun där Finanzéierung ze kommen.

An do derbäi ass eng vun den Haaptkonditiounen, dass d'Konten an d'Donateurslëschte vum Joer virdu mussen virun dem 1. Juli vum lafende Joer era si bei den zustännegen Instanzen. Dat war also fir dëst Joer den 1. Juli 2020 fir d'Konte vun 2019.

Wéi et schonn ugeklongen ass vum Rapporteur, ass et duerch d'Covid-19-Kris awer esou, dass d'Parteien duerch dës legal Obligatiouner riskéieren, ferm an d'Labrängen ze kommen, éischtens kontabelsméisseg an zweetens haaptsächlech, well déi statutaresh Kongresser net kënnen stattfannen, wou déi Konten da géifen agreéiert ginn, wéi dat néideg ass.

Dofir ass et ganz wichteg, dass dëse Projet de loi den Delai verlängert, dat heescht, genuch Deeg hannert dem deklaréierten Enn vun dem État de crise bréngt. An dee Moment kënnen d'Partei regulär hir Konten an Donateurslëschten eraginn an dann ass dat an der Rei. Ech mengen, déi grouss Plus-value vun dësem Projet ass d'Rechtssécherheet, déi dës Prolongatioun bréngt. An dofir ass et normal, dass mir dat all begrëssen, an ech bréngen och dofir den Accord vun der DP-Fraktioun.

Villmools merci!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Beissel.

An da kritt d'Wuert déi honorabel Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Villmools merci, Här President. Ech bleiwen op der Plaz. Ech wëllt mengem neien Noper a Rapporteur vum Projet de loi e grouss Merci ausdrécke fir seng gutt Erklärungen vum Dräi-Zeile-Gesetz, wéi een et scho bal kann nennen, a ginn natierlech den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Lorsché.

An da wier et um honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Här President. Och mir felicitéieren dem Mars Di Bartolomeo fir en extreem prezise Rapport. Ech

fannen ëmmer, e Rapport, wann s de en héieren hues an du hues alles verstanen, da war en exzellent. A selbstverständlech fënnt dëst Gesetz d'Zoustëmmung vun der ADR. Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Reding.

An da kritt d'Wuert den honorabelen Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Här President. Mir stëmmen dësem Gesetz natierlech och zou, gi just ze bedenken, datt mer eis Zoustëmmung ginn an der Hoffnung, datt dann déi ordinär Kongresser vun de Parteien kënnen stattfanne virun och deem verlängerten Delai, wat net onbedéngt am Moment ginn ass, wou een dann eventuell nach eng Kéier misst un den Text erugeen oder alternativ Forme fannen. Et ass e gudden Text, deen am Moment néideg ass. Mir stëmmen e mat.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum.

Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Merci, Här President. Och vu mir e Merci un de Mars Di Bartolomeo fir dëse Rapport vun engem ganz kuerzen an technesche Gesetz.

Ech wollt d'Geleeënheet kuerz notzen, fir drun ze erënneren, datt mer am Dezember eréischt, am Dezember d'lescht Joer, et si fënnef Méint hier an et gesäit awer esou laang aus, méi streng Reegele fir d'Parteifinanzéierung gestëmmt hunn. Mir hunn hei, besser gesot am Chambersgebaai, méi streng Reegele gestëmmt. An elo mierke mer, well mer de Covid-19 net konnte virausgesinn, datt mer eis do selwer e bëssen an en Eck manövréiert hunn. An deementsprechend ass dat heite just eng temporär Mesure, déi un eng temporär Situatioun gebonnen ass. A fir déi ze behiewen, gi mir och eisen Accord.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, de Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, fir d'éischt wëll ech dem Här Di Bartolomeo Merci soe fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rapport an der Madamm Beissel fir hire mëndleche Rapport.

(Brouhaha)

Ech mengen, déi meescht vun eis heibanne wëssen, wéi wichteg et ass, dass mir och als Parteien eis un d'Reegelen halen, déi mer definéieren. An déi meescht vun lech a mir wëssen et och alleguerten: De „Bleift doheim!“ zielt och fir d'Parteimemberen. Dat heescht, dass keng Kongresser organiséiert ginn. An dofir ass et och wichteg, dass d'Parteien awer konform zum Gesetz sinn, fir dass d'Parteifinanzéierung och kann applikabel sinn. An dofir freeën ech mech iwwert d'Zoustëmmung.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Staatsminister.

Da kënnen mer zur Ofstëmmung kommen iwwert de Projet de loi 7550. Den Text steet am Document parlementaire 7550².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7550 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen iwwert den elektronische Wee. D'Ofstëmmen fänkt un.

De Quorum ass erreecht.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen!

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mïscho, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Léon Gloden), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

18. 7545 - Projet de loi visant à mettre en place un régime de garantie en faveur de l'économie luxembourgeoise dans le cadre de la pandémie Covid-19 (suite)

An da freet d'Madamm Lydie Polfer nach eng Kéier d'Wuert.

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Ech froen d'Wuert, fir mech ze entschëlegen. Ech hu virun am Äifer eng Motioun deposéiert, wou ech och nach ëmmer ganz houfreg drop sinn, awer ech hunn déi net nëmmen eleng deposéiert, mee ech hunn déi zesumme mam Här Laurent Mosar deposéiert. An ech hat vergiess, dat ...

► **Plusieurs voix**.- A!

► **Mme Lydie Polfer** (DP).- ... awer ze soen.

(Brouhaha)

An ech wollt dat nohuelen, well dat ass mer ganz wichteg. Dir hutt se elo. An da kënnen mer muer jo nach driwwer schwätzen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Polfer, fir déi Prezisioun.

19. 7546 - Projet de loi relative aux mesures temporaires dans les secteurs de l'électricité et du gaz naturel dans le cadre de la lutte contre le Covid-19 et modifiant la loi modifiée du 1^{er} août 2007 relative à l'organisation du marché du gaz naturel

De leschte Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7546 iwwert d'temporär Mesurë fir de Secteur vum Elektreschen a fir dee vum Gas am Kader vum Kampf géint de Covid-19. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif direkt d'Wuert ginn un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här François Benoy. Här Benoy, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

► **M. François Benoy** (déi gréng), *rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Hären, wéinst der Covid-19-Pandemie an de Mesuren, déi zu Lëtzebuerg geholl goufe fir d'Gesondheet vun der Populatioun, mussen mer e puer Upassungen am Stroum- an am Gasgesetz maachen, wat mir mam Gesetzesprojet 7546 maachen, deen ech lech elo hei presentéieren.

Duerch d'Limitatioun vun de Kontakter kënnen och am Gas- an am Stroumsecteur net alleguerten d'Fristen, déi de Gesetzgeber virgesinn hat, agehale ginn. An dofir maache mer elo e puer Upassungen an de Gesetzter.

An et geet hei ëm dräi Punkten :

- éischtens kritt de Regulateur, den ILR, d'Méiglechkeet, d'Validitéit vum Fournisseur par défaut vum Stroum ëm sechs Méint nom Schluss vum État de crise ze verlängeren;

- zweetens kréien d'Gestionnaire vum Gasseau bis den 31. Dezember 2021 Zäit, fir 90 % vun de Compteuren duerch intelligent Comp-teuren ze ersetzen, an

- drëttens kréien d'Gas- an d'Stroumfournisseure bis den 31. Mee Zäit, fir dem Energie-minister matzedeelen, wéi vill Energie si dat lescht Joer agespuert hunn.

Zesumme mam Energieminister hu mir de Gesetzesprojet de 27. Mäerz eng éischte Kéier an der Kommissioun duerchgeholl. Den Avis vum Staatsrot an déi vun de Chambre-profession-nellen hu mer den 9. Abrëll diskutéiert an dunn och de schrëftleche Rapport ugeholl.

Här President, Dir Dammen an Hären, wéi scho gesot, geet et am Gesetzesprojet drëm, fir eng Rei Ännerungen wéinst dem Covid-19 am Stroum- a Gasgesetz ze maachen. De Regulateur, also den Institut luxembourgeois de régulation, den ILR, leet all dräi Joer, ëmmer fir eng Period vun dräi Joer, e Grondversuerger, de Fournisseur par défaut, fir gewëssen Zone fest. Déi lescht Grondversuerger huet den ILR den 1. Juni 2017 designéiert. Déi Period leeft deemno den 1. Juni 2020 aus.

Mat der Ännerung am Stroumgesetz kann de Regulateur elo déi aktuell designéiert Fournisseure par défaut nach bis zu sechs Méint nom État de crise verlängeren.

Da kréien alleguerten d'Stroum- an d'Gasfournisseure méi laang Zäit, fir dem Energieminister matzedeelen, wéi vill Energie dass se d'lescht Joer gespuert hunn. U sech hate se bis den 31. Mäerz dofir Zäit. An am Stroum- a Gasgesetz gëtt den Delai elo dëst Joer op den 31. Mee geännert.

Opgrond vun enger europäescher Direktiv aus dem Joer 2012 mussen d'Stroum- an d'Gasfournisseuren all Joer gewëssen Ziler an der Energieeffizienz erreechen. Op europäeschem Niveau war en Effizienzziel fir 2020 vun 20 % festgehal. Dat ass den Equivalent vun enger Aspuerung vun 368 Milliounen Tonne Pétrol am Endenergieverbrauch bis 2020.

An zu Lëtzebuerg mussen d'Fournisseuren all zesummen tëschtent 2015 an 2020 5.993 Gigawattstonnen aspueren, wat se ënner anerem iwwer Berodung oder Primmen um Client maachen.

Während dem État de crise kënnen d'Reseausgestionnaires evidenteweis net bei d'Clients heemgoen, fir al Gascompteuren duerch intelligent Compteuren ze ersetzen. An dofir kréien d'Reseausgestionnaires elo bis den 31. Dezember 2021 Zäit, fir 90 % vun den ale Compteuren ze ersetzen. Den Datum gëtt am Gasgesetz ee Joer no hanner verréckelt.

Bis d'Enn vum leschte Joer waren ongeféier 66 % vun de Compteuren ersat. Fir d'Gasgestionnaire wär et souwiesou scho knapp ginn, fir den Termin anzehalen, a mam Confinement ass dat onméiglech ginn. Deen neien Datum ass elo eng méi realistesch Deadline fir d'Installatioun vun den intelligente Gascompteuren. A bis dohinner soll och d'Software, fir d'Smartmeters ofzeliesen, prett sinn.

Den intelligente Compteur, de sougenannte „Smarty“, ass e Schlësselinstrument vun der energeetescher Transitioun an erméiglecht dem Fournisseur wéi och dem Client eng méi effizient an intelligent Energienotzung. Dem Konsument erméiglecht e sougenannte „Smarty“ méi genee ze wëssen, wéi vill Energie en zu all Moment am Dag verbraucht. De Client huet also méi Informatiounen, fir säi Verhalten ze änneren an Energie ze spueren an esou méi aktiv ze ginn an der Energietransitioun. An e Smarty kann och op Distanz ofgelies ginn. Et muss also kee Rendez-vous méi beim Client doheim gemaach ginn, wat Zäit spuert fir de Client a fir de Fournisseur an esou d'Käschte fir d'Netznotzer, also d'Allgemengheet, reduzéiert.

Här President, Dir Dammen an Hären, de Staatsrot huet a sengem Avis proposéiert, d'Gesetzesännerungen, déi just d'Period vum État de crise concernéieren, iwwer e Règlement grand-ducal ze maachen, wéi et duerch den Artikel 32 Paragraf 4 vun der Verfassung während der Zäit vum État de crise méiglech ass. An deem Sënn huet d'Kommissioun zwou Dispositiounen, déi eebe just fir d'Zäit vum État de crise gëlle sollten, net zréckbehalen.

Heibäi giong et ëm d'Suspensioun vum Delai fir den Uschloss fir residentieel Clienten. An et giong drëm, dem Regulateur d'Méiglechkeet ze ginn, fir am État de crise d'Consultation publique ze ersetzen duerch eng Ad-hoc-Consultatioun vun de concernéierten Acteuren, wann et drëms geet, fir temporär Mesuren ze huelen,

Le saviez-VOUS ?

COMPTE RENDU

Le compte rendu est une publication de la Chambre des Députés qui reproduit dans leur intégralité toutes les interventions faites lors des séances plénières de la Chambre des Députés. Il contient par ailleurs un résumé des textes législatifs adoptés, les questions posées aux membres du Gouvernement et les réponses reçues ainsi qu'un aperçu général des activités de la Chambre des Députés. Le compte rendu est distribué gratuitement en tant que supplément des quatre principaux quotidiens à tous les ménages. Il peut être consulté en ligne sur www.chd.lu - Travail à la Chambre - Séances publiques - Comptes rendus des séances.